FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Informatiounsversammlung

## Dënschde 4 Mäerz 2025 um 19.00 Auer

## 14 rue d'Ettelbruck
## L- 7462 Miesdref

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Bilan 2024-2025

➢ **Regelméisseg:**
- Commission Centrale
- Commission consultative SYVICOL – Administrative
- Commission consultative SYVICOL – Technique

➢ **Promotioun vum Beruff & Helef bei der Emsetzung vun der Reforme:**
- Walfer; Wolz; Schieren; Biwer; Manternach; Rosport-Mompach; Koplescht; Sandweiler...
- Syndicat PRO-SUD
- Naturpark Öewersauer
- Journée de la Reconversion bei der Arméi

➢ **Entrevue FGFC-ASAM mat:**
- SNPGL
- Douanesgewerkschaft
- IGP
- Ministère de la Mobilité et des Travaux publics
- Chamberfraktiounen & politesch Sensibilitéiten: DP, LSAP, CSV, déi Gréng, Piraten

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Developpement 2024-2025

## PL 8333

- Am Kader vun enger EU Direktiv gëtt d'Antitubaksgesetz ugepasst. Duerch d'Upasse vun eiser Konstitutioun 2023 dierfen eis Gemengen d'Fëmmverbuet op de Spillplazen net méi an hiert Policereglement schreiwe well et schonn am nationale Gesetz steet. Fir dat ze kompenséiere kritt den Agent Municipal des Kompetenz am Antitubaksgesetz bäi. Den Text war schonn beim Staatsrot an ass am Moment an der zoustänneger Kommissioun.

## PL 8429

- Dei legal Basis fir d'Gemengereglementer gëtt iwwerschafft. De Projet de loi ass am Juli 2024 bei den Staatsrot gangen. An dem Kontext kréie verschidde SACen eng nei Formuléierung an et sollen der 3 bäikommen déi bis dato net méiglech waren.

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Koalitiounsaccord 2023-2028

**Auszuch aus dem Koalitiounsaccord:**

POLICE LOCALE

La proximité de la police avec les citoyens sera renforcée dans le but d'assurer un travail de prévention sur le terrain. Dans ce sens, une unité de police locale sera constituée au sein du corps actuel de la PGD, sur laquelle le bourgmestre aura un pouvoir de direction dans le cadre de ses missions d'ordre public (tranquillité publique, sécurité publique et salubrité publique).

**La collaboration entre la police et les agents municipaux sera renforcée. Les compétences des agents municipaux seront élargies dans le but d'encourager la prévention.**

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Zukunft vum Agent Municipal

**Stand 2025:**

- Agent Municipal D1 / $C2^{bis}$ sous-groupe à attributions particulières

- **Missiounen:**
  - Kontroll vum rouenden Verkéier
  - SAC
  - Preventioun
  - Verkéier reegelen bei Chantieren an Accidenter

- **Missiounen ab Promotioun:**
  - FPJ: Fëscherei (ganz), Offallgesetz (1 Artikel), Hondsgesetz (2 Artikelen), Policereglement

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Méiglech néi Missiounen

**Missiounen déi den Agent Municipal(*) iwwerhuele kéint:**

- **Iddien déi starken Zousproch krut hu:**
  - Adressiwwerpréiwung
  - Zousätzlech Spezialgesetzer: Naturschutz, Antitubak…
  - Ofschleefe vun Autoen
  - Ennerstëtzung bei Vermësstemeldung & Sichaktiounen

- **Iddien déi Zousproch krut hu:**
  - Verkéier reegelen
  - Ennerstëtzung bei der mise en place vun engem Sécherheetsperimeter

- **Iddien déi wéineg Zousproch krut hu:**
  - Geschwindegkeetsiwwertriedung innerorts an op Gemengestroossen
  - Ennerstëtzung beim Oprechterhale vun engem Plaazverweis

** Ennert der Konditioun datt déi néideg Formatiounen erfollegräich ofgeschloss sinn*

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Visioun 2023-2033

## Ziel 2023-2033

- Den Agent Municipal soll an 3 Groupe de traitement existéieren:

  - Agent Municipal D2/C2 < 5 Joer Postprimaire (8$^{\text{ième}}$ oder équivalent...)
  - Agent Municipal C1 = 5 Joer Postprimaire (11$^{\text{ième}}$ oder équivalent...)
  - Agent Municipal B1 = Bac / 1$^{\text{ière}}$ oder équivalent...)

- Reklassement vun den D1/C2$^{\text{bis}}$ Agenten an den C1 ënnert der Konditioun: Promotioun + Formatioun mat *preuve de connaissance*.
- Den D1/C2$^{\text{bis}}$ gëtt bäibehalen fir déi Agenten déi am D1/C2$^{\text{bis}}$ sinn. Et kënne keng néi D1/C2$^{\text{bis}}$ Agenten agestallt ginn.

# Formatioun

Ausgoend vun der aktueller Formatioun fir d'Agenten am D1/C2$^{bis}$:

- **D2/C2:** gläichbleiwend mat liichten Adaptatiounen
- **C1**: ausgebaut an ëm 40 Stonnen erweidert
- **B1**: ausgebaut an ëm 80 Stonnen erweidert

➢ **Spezifesch Formatioun fir d'Gestioun vun engem Service de proximité**

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Recrutement & Kooperatioun

- Beim D2/C2 gellt den Droit de priorité vun der Arméi

- Kooperatioun mat aneren Administratiounen:
  - Police, CGDIS, Douane, ITM asw... kënne bei Interventiounen um Territoire vun der Gemeng de Support vun den Agents Municipaux beim Buergermeeschter ufroen.
  - Fir Ënnerstëtzung ausserhalb vum Territoire muss de Banneminister säin Accord gi.

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Visioun 100 %

- Ufank 2025 hunn 55 Gemengen Agents Municipaux. 2020 waren et der eréicht 35! Fir 2026 rechnen mir mat 60-65 Gemengen.
- Duerch Kooperatioun sollt et méiglech sinn quasi alle Gemengen am Land Zougang zum Agent Municipal ze ginn.
- Dëst wär de Bäitrag vun de Gemengen am Kontext vun enger breeder nationaler Strategie am Kader vun der Gemengepolice déi op des Aart a Weis een zouverlässege Partner um lokale Plang huet.

FGFC ASAM
Groupement d'intérêts
Agents municipaux

# Eng Fro – eng Äntwert